

D'europäesch Economie ass schwaach. Si beweegt sech ganz däitlech, wéi eis och, ënnert hirem Wuesstumspotenzial. Dee fënnt se eréischt erëm, wann déi Strukturformen ronderëm eis viruginn a wann d'europäesch Zentralbank endlech hire ganz Zënsspillraum gewëtzt ausnotzt. Den Euro huet eis d'lescht Joer geschützt géint d'Inflation, géint d'Kafkraaftverloschter, géint monetär Turbulenzen, déi terribel gewiescht wieren, wa mer den Euro net gehat hätten.

Ouni Währungsunion hätt mer ouni all Zweifel trotz zeidegen Äppel decken Duuscht gelidden. Mä den Euro fänkt de Moment un - ech drécke mech virsiichteg dozou aus, well mat der Geldpolitik soll ee sech net öffentlech zu Wuert mellen - e belaaschtende Facteur fir d'europäesch an och fir déi Lëtzebuerger Exportindustrie ze sinn. Et wier gutt, wann een am Juli kéint soen d'Zentralbank hätt am Juni Recht gehat mat deene Korrekturen, déi se duerch hir geldpolitesch Beschless méiglech gemaach huet.

Mir packen et, hunn ech gesot, mä mir packen et och um Aarbechtsmaart. Et huet kee Wäert d'Situation um Aarbechtsmaart méi schéin ze riede wéi se ass. Eise Chômage ass méi déif wéi am Rescht vun Europa, mä e klëmmt, e klëmmt méi wéi do an e klëmmt ze vill.

Mir sinn eis an der Tripartite eens ginn d'PAN-Gesetz vun 1999, esou wéi et spéider ugepasst ginn ass vu mengem brillanten Nofolger, ze verlängeren. Dat weist, dat mer 1999 dat Richteg gemaach haten. D'Flexibiliséierungsmoosnamen iwwert d'Referenzperiode gi bis Juli 2007 prolongéiert an duerno, jee nodeem wéi se sech bis dohinner beholl hunn, ugepasst. De Congé parental fënnt eng definitiv Plaz an der Soziallandschaft. Déi fundamental Kritik vun Deeler vum Patronat géint säi Prinzip sinn eis wirklech net schlësseg virkomm. Wat zu Tréier, zu Metz, zu Arel an zu Kopenhagen keen insurmontablé Problem duerstellt, kann zu Lëtzebuerg kee Bierg si bei deem senger Montée eis Patroné stieche bleiwen. Mä mir leeën eis an d'Pedalle fir datt d'Montée méi llicht gëtt a féiere mittelstännesch a mittelstandsfrëndlech Souplesse-Elementer an.

Mir sinn eis eens ginn, datt all Potentialitéite vum PAN-Gesetz méi staark sollte getest an applizéiert ginn. Besonnesch déi kollektivvertraglech Aarbechtsplazbeschaffungsmoosname sollen nei ugeworf ginn. D'Sozialpartner hu jo gewisen, virun allem an deem Accord iwwert d'Recht vum Einzelnen op Weiterbildung, dass se zu gudde Resultater kommen, wa se codéterminéiert sinn.

Mir ënnerstëtzen och finanziell d'vertraglech Imagination, wa se Aarbechtsplazen erhält oder wa se neier schafft. D'Aarbechtszäitverkierzung finanzéiere mer, wa se Chômage ofbaut. No Verhandlungen, déi den Aarbechtsminister opgeholl huet, wahrscheinlech och wa se den Ofbau vun Aarbechtsplaze ka verhenneren. Déi legal Aarbechtszäitverkierzung ass awer kee Wee, mä déi staatlech ënnerstëtzt kontraktuell Aarbechtszäit an hir Verkierzung, wa se de Lien zu de Realproblemer zum Aarbechtsmaart hierstellt, ass selbstverständlech eng Optioun déi um Dësch bleiwe muss.

D'Aarbechtsmaartpolitik ass méi wéi Aarbechtslosenentschiedegung. Si ass aktiv Aarbechtsmaartanimation. Den Aarbechtsminister ass décidéiert d'Gesamtinstrumentarium vun eiser Aarbechtsmaartpolitik maximal ze aktivéieren, fir datt méi Leit a Beschäftegung kommen a manner Leit ze laang ouni Beschäftegung bleiwen. Déi meeschte Chômeure fannen zu Lëtzebuerg no sechs Méint eng Aarbecht. 60% vun hinne sinn no engem halwe Joer nees a Beschäftegung. Dëse frictionnellé Chôma-

ge ze verkierzen ass bei aktueller Konjunkturlag bal net dran. Trotzdeem gëtt et duerch aktiv Moosname probéiert, well och de Kuerzzäitchômage ass keng Fatalitéit.

D'Gesetz iwwert d'Solidareconomie, géint de soziale Chômage, haut deponéiert, hëlleft deene Leit, déi um normalen Aarbechtsmaart schwéier Fouss faasse kënnen, op d'Been. Mir wiere frou wann dëse Projet, grad wéi d'Verlängerung vum PAN-Gesetz esou séier wéi méiglech vum Parlament kënnte gestëmmt ginn.

D'Aarbechtsrecht sengersäits war dëst Joer an der Tripartite weéneeg an der Kritik, kaum en Thema. Et brauch och keng radikal Reform an et kritt och keng. Aarbechtslosgkeet léisst sech net duerch d'Zerstéierung vum Aarbechtsrecht bekämpfen. D'Verdënnung vum Aarbechtsrecht mécht d'Aarbechtsmaartproblemer méi deck, well se d'Prekaritéit méi breet mécht. Dat ass net de Wee, dee mer wëlle goen. Dat ass net de Wee, dee mer solle goen. Dat ass e Wee, wou ee sech nëmme wonnere kann, dass Anerer e goe wëllen.

Sécher, d'Tripartite, dat hunn ech och gelies, huet dëst Joer keng dramatesch nei Weeër ageschloen, mä et wier dramatesch gewiescht wa mer déi ageschloe Weeër hätte misse verlossen. D'Tripartite funktionéiert net nëmmen da wa se innovéiert, si funktionéiert och da wa se klug konservéiert.

Den Aarbechtsmaart kennt kuerzfristeg Problemer, ëm déi bekëmmert den Aarbechtsminister sech. Den Aarbechtsmaart ass awer och net fräi vu méi laangfristeg Problemer. D'Immigrationskommission vum der Chamber huet sech intensiv a leschter Zäit mat de Wiesselbeziungen tëschent Immigration an Aarbechtsmaart beschäftegt. Den Aarbechtsminister huet hire President, den Här Marcel Gleesener, mat enger Etüd iwwert déi mëttel- a laangfristeg Wiesselbeziungen a Kombinatiounsméiglechkeeten tëschent Immigration an Aarbechtsmaart beoptraagt. Mir si gespaant op d'Resultater vu sengen Iwwerleeungen.

Wien Aarbechtsmaart seet, wien Aarbechtsmaartpolitik seet, aktiv Arbechtsmaartpolitik seet, dee seet am selwetchen Otemzuch Bildungs- a Weiterbildungspolitik. Et mécht kee Sënn iwwert d'Ouverture op d'Zukunft, iwwert d'Usiedelung vun Internetbetriber an iwwert den Zougank zur Kommunikatiounsgesellschaft ze schwätzen, wa mer mer net gläichzäiteg duerfir suergen, datt d'Schüler vun haut an déi Aktiv vu mar fréi genuch mat den Aarbechtsinstrumenter vun der neier Aarbechtsmaartgesellschaft Kontakt kréien. Mir haten am Joer 2000 ee Computer fir eelef Schüler. Am Postprimaire hu mer haut ee Computer fir sechs Schüler. Gutt esou!

Et huet kee Wäert iwwert den Aarbechtsmaart vu mar a seng Exigence vun iwwermer ze schwätzen, wa mer déi Jonk net op déi aarbechtsmaartpolitesch Erausforderunge virbereeden. Dofir ass et gutt datt mer d'Reform vun der ieweschter Divisioun vum Sekundarunterrecht realiséiert hunn. Et ass gutt datt d'B-Sektioun an der ieweschter Divisioun vum technesch Sekundarunterrecht partiell a Richtung Informatik reorientéiert ginn ass, esou datt mer elo eng mathematesch-informatesch Sektion hunn. Et ass gutt datt am technesch Sekundarunterrecht d'Formation vum Mécatronicien agefouert ginn ass. Si fänkt am Hierscht un.

An der handwierklecher Ausbildung kennt et zu enger Programaktualiséierung vu 25 spezifeschen Handwierksberuffer. Hei wäerte sech an Zukunft Theorie a Praxis besser begéinen. An iwwerengs ass zënter 1998 d'Zuel vun deene Jonken, déi e CATP kritt

hunn, ëm 27,5% an d'Luucht gaangen.

Och wat dat liewenslänglecht Léieren ubelaangt hunn d'Zuelen, dat heescht d'Realitéit, sech positiv verännert a verbessert. Am leschte Joer hu 17,84% vun eiser aktiver Bevölkerung u Weiterbildungsmoosnamen deelgeholl. Insgesamt hu mer 50.285 Aschreiwungen a Weiterbildungscoursé gezielt. Dat weist, de Weiterbildungssreflex ass amgang sech anzubliergeren.

De Problem vun der Aarbechtslosgkeet kritt een net vun haut op mar geléist, mä d'Problemer vum Aarbechtsmaart vu mar kann een entschäerfen, wa Land a Leit, Jonker an Aktiver sech konsequent op seng Erausforderunge virbereeden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn eist klengt Land an deene leschten zwielef Méint duerch en internationaalt Gewässer musse steieren, dat aussergewöhnlech onroueg war, dat vum Irak-Orkan esou opgeputscht gouf, datt bal alles duerchernee geflunn ass. Eréischt an e puer Joer wësse mer wéi d'Geschicht d'Reschter vun deem Stuerm zesummegekiert huet. Haut awer scho wësse mer, datt e Krich, deen de Fridden ënnerbrécht, méi llicht erschéngt wéi dee Fridden, deen nom Krich kënnt. Mir gesinn dat all Dag.

Déi Fräiheet, déi d'Iraker nom Stuerz vum Diktator kritt hunn, muss elo an déi gestaltend Hänn ënner anerem a virun allem vun der UNO, vun der Völkergemeinschaft kommen. D'Welt gehéiert net nëmmen engem, si gehéiert eis alleguer. Si muss an hirer ganzer Komplexitéit erfaasst ginn an dofir multipolar gefaasst ginn.

Well se eng multipolar Co-Propriétéit ass mussen d'Aufgabe gedeelt ginn, gedeelt no Sensibilitäten a gedeelt no Kënnen. Zu deem neien Denken - solidaresch Co-Gestioun a multipolarer Verantwortung - hu sech véier europäesch Länner - Frankräich, Däitschland, d'Belsch a Lëtzebuerg - den 29. Abrëll bekannt, wéi se d'Schafung vun enger europäescher Sécherheets- a Verdeedegungsspolitik gefuerdert hunn.

D'europäesch Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ass eng zentral Aufgab, wann net déi zentral Aufgab vun där gewuessener Europäescher Union. Et ass no der Währungsunion déi gréissten europäesch Ambitioun, déi eis Generatioun ze transportéieren an ze forméieren huet. D'Meenung, mir hätten Amerika ze vill, ass falsch. D'Iwwerzeegung, mir hätten net Europa genuch, déi ass richtig.

**(Interruption et hilarité)**

D'Meenung mir hätten Europa ze vill ass falsch. D'Iwwerzeegung mir hätten net Europa genuch ass richtig.

Plusieurs voix.- Oh, ah!

**(Interruption)**

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Dat hunn ech just gemaach fir eng massiv a breet Zoustëmmung vun der sozialistescher Fraktioun ze kréien.

**(Hilarité et interruptions)**

Une voix.- Op enger Plaz kënnt Dir se kréien.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Europa wäert net...

**(Brouhaha général)**

Et geet elo weider. Europa wäert net aus der transatlantescher Sécherheetsallianz austrieden - d'Bündnis an d'Frëndschaft mat Amerika si liewenswichtig.

**(Hilarité et interruptions)**

Si si liewenswichtig.

**(Hilarité)**

An dat ass och hei, deen Dag no den Attentater zu New York, vun alle Spriecher an dësem Haus, a vun deene meeschte méi wéi vu mir, feierlech a kräfteg gesot ginn an ënnerstrach ginn. D'Bündnis mat Amerika, d'Frëndschaft mat Amerika si liewenswichtig. Mä Europa wäert an der nordatlantescher Allianz a mat den Amerikaner zesummen där europäescher Sécherheets- a Verdeidigungsdimension eng eegen a kredibel Identitéit musse ginn.

D'lëtzebuergesch Regierung huet dës Initiativ vum belsche Premier dozou mat gedroen. Well d'Plaz vu Lëtzebuerg ëmmer do ass wou méi Europa entsteet.

Méi Europa schafen, dat heescht net Europa zu engem militäresche Muskelprotz ze maachen. Méi Europa schafen, dat heescht eng kritesch Mass vun zivile politeschen an eben och militäresche Mëttelen ze alignéieren, fir datt Europa an der Welt a fir datt Europa vun der Welt zur Kenntnis geholl gëtt. Mir wëllen aus Europa keng Krichsmaschinn maachen. Ganz am Géigendeel: Mir wëlle weisen a beweisen datt de Krich keen normaalt Mëttel vun der Politik ass an et och net därerf ginn. Europa dréit bis haut d'Wonne vun deene Kricher, déi et onglécklech gemaach hunn.

Mä Europa huet dofir och eng konstruéiert Friddensexpertise mat där et d'Welt impressionéiert huet a virun impressionéiere wäert. Wann also ee wichteg Stéck neit Europa entsteet - d'Europa vun der Verdeedegung an d'Europa vun der Sécherheet -, da muss Lëtzebuerg eng Kéier méi Grënnungsstat sinn. Mir waren nom Krich ee vun deene weénegen déi gehollef hunn Europa grënnen. Mir waren ee vun deene weénegen déi d'Wirtschafts- an d'Währungsunion eescht geholl an eescht mat hir gemaach hunn, a mir hunn ëmmer Recht kitt, mir waren ëmmer bei deenen an Europa déi duerch d'Entwécklung Recht kritt hunn. Dat wäert dës Kéier bei der Sécherheet a bei der Verdeedegung net anescht sinn.

Mir ginn dës nei Aufgab mat eisen dräi direkten Noperen un. Mat deenen dräi, vun deene während den Irakkontroversen heibannen an dobausse behaapt ginn ass, si géife sech vun eis ofwenden. Dat war an dat ass erkennbar net de Fall. Dat weist déi gemeinsam Sécherheets- a Verdeedegungsinitiativ. Dat huet de Besuch vum däitsche Bundeskanzler iwwert de Weekend bewisen. Dat wäerten d'offiziell Visité vum franséische Premier den 11. Juli a vum belsche Premier virun Ufank Summer zu Lëtzebuerg beweisen. Eis Beziéhunge mat eisen Nopere si sou gutt wéi ëmmer a vereenzelt si se sou gutt wéi nach ni virdrun.

Wann déi grouss Geschicht sech an e puer Joer ëmdréint, da wäert hire Bléck op den Irakkich, seng Ufäng, seng Konsequenzen, falen. Mir wëssen haut nach net wat déi grouss Geschicht wäert gesinn, wa se dat kuckt, wat d'Geschicht vun eiser Zäit hannerlooss huet.

Mä wann déi kleng Lëtzebuerger Geschicht de Bléck no hanne riicht, fir déi lescht zwielef Méint ze kucken, da gesäit se eppes ganz aneschers. Deen Datum dee sech fir ëmmer an déi lescht zwielef lëtzebuergesch Méint ageschriwwen huet, dat ass den Datum vum 6. November 2002. Dat war den Dag vum Luxair-Accident. Dat war eng national Tragedie. Et war eng Tragedie fir déi déi ëm d'Liewe komm sinn an et ass eng Tragedie fir deen deen iwwerlieft huet.

Et ass opgefall an deenen zwou, dräi Wochen no deem Accident, datt mer op eng Aart a Weis, déi ee gespuert huet, jo bal gesinn huet, anescht mateneen ëmgaange sinn hei am Land. Well mer erlieft haten,

datt et méi Wichteges gëtt wéi dat wat eis Dag an Dag aus ëmdreift an auserneen dreift. Mir hunn ugefaange méi Rücksicht openeen ze huelen. Mir hunn ugefaange méi verständnisvoll mat de klenge Fehler vun deenen anerem ëmzegoen. A mir hunn ugefaangen ze mieren, datt déi aner méi douce mat eisen eegenen Onzoulänglechkeeten ëmgaange sinn. Mir ware fir ee Moment besser gi wéi mer eigentlech sinn. Dat Openeenzougoen, dat Mateneendroen huet sech lues a lues - a wéi net anescht ze erwaarden - erëm aus eise kollektive Reflexer rausgeschlach.

Et wënscht ee sech Stécker dovunner erëm wa mer déi grouss Froe vun der Natioun diskutéieren. Well d'Autobiographie vun eise Land, déi därfe mer net verkritzelen. Mir musse se schéi schreiwen a mat Gefill.

Ech soen lech merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech ginn Akt vum Här Statsminister Jean-Claude Juncker senger Déclaration. D'Diskussion doriwwer geet u muer de Mëttel an der Sitzung um hallwer dräi. Fir de Moment ass d'Sitzung fir e puer Minuten ënnerbrach.

**(Interruption de la séance publique à 16.46 heures)**

\*\*\*\*\*

**(Reprise de la séance publique à 16.59 heures)**

D'Sitzung geet weider. D'Wuert freet den Här Niki Bettendorf. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

## 5. Dépôt d'une proposition de loi

M. Niki Bettendorf (*DP*).- Här President, ech erlabe mer laut Artikel 56 vun eise Reglement eng Proposition de loi ze déposéieren betreffend eise Code de la route, wou et soll méiglech gi fir d'Police fir och kënnen en Examen op der Strooss ze maachen, wann illegal Drogen oder Psychotropé geholl gi sinn.

- *Proposition de loi 5164 portant modification de l'article 12 de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques modifiée par les lois des 2 mars 1963, 17 avril 1970, 1er août 1971, 7 avril 1976, 7 juillet 1977, 31 mars 1978, 9 juillet 1982, 3 mai 1984, 28 janvier 1986, 8 avril 1986, 7 septembre 1987, 15 janvier 1991, 21 décembre 1991, 1er juillet 1992, 27 juillet 1993, 26 août 1993, 18 mars 1997 et du 5 juin 1998.*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Niki Bettendorf. Déi Proposition de loi gëtt un déi zoustänneg Kommission weidergeleet.

Den Här Jos Scheuer freet och nach d'Wuert.

## 6. Dépot d'une motion par M. Jos Scheuer relative à l'installation d'une station-service sur le tracé de la liaison autoroutière vers la Sarre

M. Jos Scheuer (*LSAP*).- Här President, ech wëll eng Motioun deponéieren, déi sech op d'Autobunn an d'Saarland bezieht. Wäer et méiglech dës Motioun zesumme mat där ze behandelen, déi den Här Strotz ofginn huet?

**Motion 2**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la construction de la liaison autoroutière avec la Sarre constitue un maillon important du réseau routier transfrontalier du Luxembourg et de la Grande Région;*